

# Munneref



Steve Reckel

**INTERVIEW MAM BUERGERMEESCHTER**

**Eng Legislaturperiod geet op en Enn. Wéi eng Projete solle bis bei d' Gemengewalen nach ofgeschloss oder op de Wee bruecht ginn?**

*Kontinuitéit ass fir eis ganz wichteg. Mir hu vill Projeten um Lafen, un deenen och an der nächster Legislaturperiod weider geschafft gëtt. Et ginn elo keng Projete wéinst de Walen iwwer de Knéi gebrach.*

**Wéi bléckt Dir op d' Zäit an Ärem Amt zeréck? Wat wäert Iech besonnesch an Erënnerung bleiwen?**

*D'Pandemie ass dat éischt wat mir do afält. Ech war beandrockt vun der Solidaritéit a vum Zesummenhalt vun eise Mataarbechter a vun eise Matbierger, fir een deem aneren ze hëllefen. Déi Solidaritéit huet sech iwweregens och bewise bei eiser Hëllefsaktioun fir d'Ukrain.*

**Op wéi e Projet wärend Ärer Amtszäit sidd Dir besonnesch houfreg?**

*All eis Projete ginn zesummen am Schäfferot decidéiert, a mir sinn op se all houfreg, well se eis all wichteg sinn.*

**Wéi war d'Zesummenaarbecht mam Gemengerot?**

*D' Zesummenaarbecht am Gemengerot war ëmmer ganz produktiv. Och wann d'Oppositioun heiansdo eng aner Meenung hat, si mir eis ëmmer an enger gudder Ambiance am Interessi vum Bierger eens ginn.*

## STECKBRÉIF
## Gemeng Munneref

**DIERFER** Altwis, Elleng, Munneref

**AWUNNER** 5.465

**NATIONALITÉITEN** 82

**BUERGERMEESCHTER** Steve Reckel

**SCHÄFFEN** Steve Schleck, Claude Schommer

**GEMENGERÉIT** Tessy Altmann, Candida Esteves, Gilles Gengler, Jean-Luc Kuhlmann, Nicole Lafleur-Rennel, Frank Reuter, Victor Filipe Soares, Charlotte Strasser-Beining

**De Krich an Europa an di aktuell Energie- a Klimakris maache jidderengem grouss Suergen. Wéi eng Moossnamen huet Är Gemeng geholl, fir d'Biergerinnen an d'Bierger an dësen Zäiten ze ënnerstëtzen resp. fir Energie anzespueren?**

*Als Klimapakt Gemeng si mir schonn zanter méi wéi 10 Joer beméit de Bierger e gutt Virbild ze si mat ville Moossnamen, wéi zum Beispill:*

- *konstante Monitoring vun den ëffentleche Gebaier, fir den Energieverbrauch ze moossen an eventuell Adaptatiounen ze huelen*
- *d'Sanéierung vun der Sportshal fir se energetesch um neiste Stand ze hunn*
- *Photovoltaikanlagen op den Diecher vun ëffentleche Gebaier*
- *des Weidere leescht och d'Gemengepersonal e Bäitrag andeems et ewell ëfters op eis e-Biken zeréckgräift, fir sech an der Gemeng ze deplacéieren*
- *mam Stroosseluuchteprogramm, dee Schratt fir Schratt ëmgesat gëtt, sinn déi lescht Zäit scho vill Luuchten op LED ëmgerëscht ginn. Dës modern Technik erlaabt eng Reduktioun vun der Liichtverschmotzung, méi Energieeffizienz an eng verbessert Sécherheet op eise Stroossen*


Marché de Noël

Fête ses 30 ans



visit mondorf

Mondorf-les-Bains
#visitmondorf

Gemeng Munneref

Pour plus d'informations :
**Tél.**: +352 23 66 75 75
**Email** : info@visitmondorf.lu



Les week-ends :

25/11 - 27/11
02/12 - 04/12
09/12 - 11/12

**30 chalets** avec articles de décoration, cadeaux, restauration, animations et concerts

Place des Villes Jumelées
**MONDORF-LES-BAINS**

Programme



• *och an anere Gemengeninfrastrukture goufe LED-Luuchten agebaut, wéi rezent um Fussballsterrain, woumat däitlech manner Energie verbraucht gëtt*

• *zousätzlech elo an dëser spezieller Situatioun wäerte mir eis Chrëschtbeliichtung op e Minimum reduzéieren*

**Op wéi eng flott Evenementer oder Projete kënne sech 2023 d'Bierger an Ärer Gemeng freeën?**

*Mir hu vill flott a breetgefächert Evenementer um Programm. Ech géing elo keent spezifesch ervirhiewen, well et eis allgemeng wichteg ass eng héich Liewensqualitéit fir all eis Bierger ze schafen.*

**Wou ass Är perséinlech Liblingsplaz an Ärer Gemeng?**

*Bei mir am Gaart.*

**Wat wënscht oder erhofft Dir Iech fir 2023?**

*Ech wënschen eise Biergerinnen a Bierger alles Guddes fir 2023 an hoffen, dass déi wirtschaftlech Kris an där mir sinn, net esou schlëmm gëtt, wéi se de Moment virausgesi gëtt.*

D'Geschäfts- an d'Handwierksleit aus der Gemeng
Munneref
wënsche schéi Chrëschtdeeg an e gudde Rutsch an d'Joer 2023

INTERCHAUFFAGE
Heizung - Sanitär - Lüftung - Solar
Chauffage - Sanitaire - Ventilation - Solaire
T +352 27 687 687 • F +352 27 68 76 88
info@interchauffage.lu • interchauffage.lu

INTERFUEL
Heizöl · Diesel · Baustellenbetankung
mazout · gasoil · livraison sur chantier
Tél. (+352) 27 07 67 • Fax. (+352) 27 07 67-50
info@INTERFUEL.lu • www.INTERFUEL.lu

35, Z.A.E. Le Triangle Vert • L-5691 Ellange



## De Gemengerot aus der Gemeng Munneref

Vu lénks no riets: Frank Reuter, Tessy Altmann, Claude Schommer, Steve Reckel, Steve Schleck, Nicole Lafleur-Rennel, Charlotte Strasser-Beining
Net op der Foto: Candida Esteves, Gilles Gengler, Jean-Luc Kuhlmann, Victor Filipe Soares









# Réckbléck

## D'Highlights vum Joer 2022 an der Gemeng Munneref



**Munneref**
Buergermeeschterdag



**Munneref**
Inauguration vum Pumptrack




**Munneref**
Schleck Gran Fondo


**PARKETT | LAMINAT | VINYL**
Fachmännische Renovierung von Altparkett und Holztreppen - Terrassenbeläge in Holz und WPC



MB PARKETT
26, Avenue Marie-Adelaide
L-5635 Mondorf-les-Bains
www.mbparkett.com
mb.parkett2018@gmail.com
Tel. 266 709 73
Mobil 621 965 400
Ansprechpartner O. Böhm

**COMPUTERHELLEF DOHEEM**



ONSEN SERVICE
- Depannage Doheem
- Depannage an Firmen
- Berodung a Support
- Atelier
- Formatioun

2-4, Rue du Moulin
L-5638 Mondorf-les-Bains
Tel. 52 38 60
info@chdh.lu
www.chdh.online

Mir wënsche schéi Chrëschtdeeg an e gudde Rutsch an d´neit Joer!

**Munneref**
Open Air Restaurant





**Munneref**
Fête des enfants










